

Pressematdeelung
Lëtzebuerg, de 17. Abrëll 2021



DEMOKRATESCH
PARTEI

D'DP trauert em de Paul Helminger

Mam Paul Helminger verléiert Lëtzebuerg e Politiker, deen d'Land an d'Stad Lëtzebuerg staark gepräägt huet. De Paul Helminger wor e Politiker, dee Saache beweegt huet. E Mann, fir dee Moderniséierung kee Slogan wor, ma eng Aufgab, fir déi hie sech mat Leif a Séil engagéiert huet: als Diplomat, als Chef de Cabinet, als Staatssekretär, als Deputéierten, als Stater Député-Maire an als Entrepreneur.

De Paul Helminger wor weltgewandt a sengem Optrieden an ëmmer op fir nei Entwécklungen: am Liewen, an der Politik an an der Wirtschaft. Dem Paul Helminger ass et a senger Carrière ni em eng Ideologie gaangen, ma em d'Saach. Mat senger Dynamik a mat sengem Optimismus huet hien et ëmmer erëm fäerdeg bruecht, d'Leit fir nei Projeten an nei Weeër ze begeeschten. Als Buergermeeschter huet hien esou Déi Gréng eng éischte Kéier mat an d'Koalitioun um Knuedler geholl.

De gebiertegen Escher Jong huet Droit a Sciences Po studéiert an ass 1974 – no engem Ufank an der diplomatescher Carrière zu London – Chef de Cabinet vum Premier Gaston Thorn an der Regierung Thorn-Vouel/Berg (1974-1979) ginn.

An der nächster Regierung Werner-Thorn/Flesch (1979-1984) ass de Paul Helminger Staatssekretär am Ausseministère, an der Kooperatioun, dem Aussenhandel, der Ekonomie, dem Mëttelstand an an der Justiz ginn. Eng Zäit, déi nach ëmmer vun der Stolkris gezechent wor, an an där d'Land sech huet musse wirtschaftlech nei positionéieren. De Paul Helminger wor bei en etleche Wirtschaftsmissiounen am Ausland dobäi, fir nei Entreprises op Lëtzebuerg ze zéien.

Méi spët ass de Paul Helminger Deputéierten an dono och Member vum Stater Gemengerot ginn. 1991 gëtt hie Schäffen um Knuedler an 1999 iwwerhëlt hien de Buergermeeschterstull vum Lydie Polfer, déi an d'Regierung Juncker-Polfer (1999-2004) wiesselt. Fir de Paul Helminger wor d'Mandat als Buergermeeschter vun 1999-2011 seng schéinsten Zäit als Politiker.

2A, rue des Capucins
L-1313 Luxembourg

Tel. : 22 10 21
Fax : 22 10 13

secretariat@dp.lu
www.dp.lu

Nom Enn vu senger politescher Carrière huet de Paul Helminger ë.a. nach eemol mat Brio Responsabilitéit un der Spëtz vum der Luxair a vum der Cargolux iwwerholl.

D'DP trauert em ee vun hire brillianteste Käpp a schwätzt senger Famill a senge Frënn hiert éierlecht Bäileed aus.